N°6719
Entrée le 26.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Wéi d'Regierung an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 schreift, ginn am Fall vun enger Gasknappheet de Wanter fir d'éischt déi grouss Betriber ofgeschalt. Wéi haut am Quotidien ze liese war, kéinte vill Betriber hir Gasspuerpotential erhéijen, wann si méi staark op Dieselaggregater zeréckgräifen. Eng Rei Betriber halen sech sou Apparater als Reserveinfrastruktur, fir de Fall vu gréisseren Aarbechten un hirem Gasequipement. Weider war am Quotidien awer ze liesen, datt d'Autorisatioun fir den Asaz vun esou Generatoren d'Limitatioun op eng prezis Unzuel u Stonne pro Joer virgesäit.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung sech virstellen, am Fall vun enger Gasknappheet kuerzfristeg provisoresch Autorisatiounen ouni zäitlech Asazlimitt fir Dieselaggregater auszestellen, fir de Betriber an der Noutsituatioun eng méiglechst onbürokratesch Ëmstellung ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°6719
Entrée le 10.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Wirtschaftsminister a dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n° 6719 vum 26. August 2022 vun dem éierbaren Deputéierten Här Fred Keup iwwer "Brûleurs diesel"

Kann d'Regierung sech virstellen, am Fall vun enger Gasknappheet kuerzfristeg provisoresch Autorisatiounen ouni zäitlech Asazlimitt fir Dieselaggregater auszestellen, fir de Betriber an der Noutsituatioun eng méiglechst onbürokratesch Ëmstellung ze erméiglechen?

Dieselaggregater, esou wéi se als z.B. als Noustroumaggregater agesat ginn, brauchen keng Autorisatioun vum Ëmweltminister, et brauchen dohier och keng provisoresch Autorisatiounen ausgestallt ze ginn.

Dieselaggregater brauchen awer ab enger bestëmmtener Gréisst eng Geneemegung vum Aarbechtsminister op Basis vum Kommodogesetz. Dës Geneemegunge gesinn allerdéngs keng zäitlech Asazlimitt fir.

Lëtzebuerg, de 10. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung